# De Buet



BULLETIN D'INFORMATION

DONDELANGE • KEHLEN • KEISPELT • MEISPELT • NOSPELT • OLM

08/2021 • WWW.KEHLEN.LU

FOTO: CAROLINE GRAAS

Gemeng Kielen

# Editorial

## Halbzeit

Mir sinn iwwert d’Hallschent vum Mandat ewech an et ass fir mech den Zäitpunkt, fir e Bilan ze zéien. Mir goufen 2019 vum Schäfferot gefrot, wéi mir eis eise Bäitrag als Kommissioun fir Ëmwelt, Verkéier a Mobilité douce géinge virstellen, wat eis Ziler wieren a wou eise Schwéierpunkt géing leien. Mäin Team an ech hu ganz kloer Virstellungen, wat mir klima- a verkéierstechnesch wëllen, an dat krut de Schäfferot och esou matgedeelt. Mir wëllen net nëmme piddelen, mä Propose maachen an Alternative sichen, wann eppes net realiséierbar ass, fir de Besoine vun eise Matbierger gerecht ze ginn.

Wou fänken ech un? Vläicht mam rezentste Beispill, nämlech dem K-Bus. Meng Kommissioun hat déi Propos virun der Pandemie gemaach an elo hunn am Juni 155 Leit dovu profitéiert, esou den Demy Schandeler. Guer net schlecht fir den Ufank. Ech wäert d'Zuelen och an Zukunft analyséieren a vläicht ass de Projet nach op e puer Statiounen ausbaufäeg. Mir als Kommissioun haten eis virgestallt, dass vläicht och e Bus an den Haaptstonnen, moies an owes, d’Gare vu Capellen respektiv Mamer kéint upeilen.

Eng weider Fuerderung ass de Vëlos-Verbindungswee vu Kielen op Miersch. D'Gemenge Miersch an Helperknapp si mat am Boot, mee eisen übleche Géigner Ponts et Chaussées gesäit de Projet kritesch wéinst dem grousse Stéck Vëloswee, dee laanscht den CR102 misst gebaut ginn. Affaire à suivre, mee wann d’Gemengen un engem Strang zéien, misst dee Projet realisabel sinn.

Eise Vëloswee Richtung Meespelt misst jo och Enn September fäerdeg sinn an da kéint de ganze Vëloswee endlech offiziell ageweit ginn.

Richtung Mamer ass et jo scho méiglech, mam Vëlo ze fueren.

Vëlo ass iwwerhaapt e wichtegt Thema ginn. Et gëtt un engem nationale Mountainbike-Tour geschafft mam Office Régional du Tourisme (ORT) an de Gemenge Koplescht, Miersch an natierlech Kielen.

Eis Wanderweeër ginn iwwerschafft an nei beschëldert. Och do besteet Nohuelbedarf. Mir schaffen och do mam ORT zesummen, fir dass d'Wanderweeër iwwerall d’selwecht beschëldert sinn, anstatt dass jidderee seng eegen Zëppche kacht. A mir hu vill a schéi Wanderweeër an aner Gemenge beneiden eis dofir.

Vue que dass mir als Kommissioun d'Decisioun geholl hunn, kee Mobilitéitsdag dëst Joer ze organiséieren, hu mir eis eng cool Iddi ausgeduecht. Mir bréngen gär eng Broschür eraus, mat eise Vëlos- a Wanderweeër, déi een dann op d’Komoot-App weiderleede kann, wou de Wee dann explizitt op der Kaart erschéngt.

Just de Budget ass nach ze klären, mee ech denken, dass eise Schäfferot eis do och net hänke léisst.

Tjo, an da komme mer zum Stéifkand vu Kielen, nämlech dem Verkéier. Mir haten eng Versammlung, fir e Konzept fir e Carsharing-Programm auszeschaffen. Mir kéinten do als Gemeng als Pionéier un engem Pilotprojet deelhuelen. Et ass eng cool Iddi an ech fannen, mir sollten dat och eise Matbierger proposéieren. Mee



dat, wat ech den Häre vum ACL an der Uni Lëtzebuerg erkläert hunn, ass, dass eise Verkéiersproblem net vun de Bierger vun der Gemeng kënnt, mee vum Transitverkéier.

An do misste mer onbedéngt mol nees uknäppen. Firwat kréien Hesper an Dippech e Contournement, mee mir net? Mir musse jo wuel net eng Biergerinitiativ grënnen, fir dass Drock entsteet? Wéini ass d'Gemeng fir d’lescht beim zoustännege Ministère virstelleg ginn? Wou ass dee regionale Projet vum Contournement drun, mat deem de François Bausch eis Responsabel nees vertréischt huet? Mir mussen nees méi aktiv ginn an deem Sujet, soss gëtt d'Gemeng Kielen allkéiers vergiess an aner Gemenge ginn entlaascht.

Et ass Halbzeit an ech wëll dovu profitéieren, fir menge Kolleegen aus menger Kommissioun e grousse Merci auszeschwätzen. Dir hutt gutt Iddien, dir sidd motivéiert, fir eis Ziler ze realiséieren an dir sidd en diverst awer gutt Team. Loosst eis weider esou gutt zesummeschaffen an eppes fir d’Ëmwelt a géint de Verkéier maachen.

**Nathalie Heintz**
**Conseillère Communale**


## IMPRESSUM

« De Buet » est le bulletin officiel d’informations de la commune de Kehlen.

**Rédaction e-mail :**
**buet@kehlen.lu**

**Editeur responsable :**
Le collège échevinal

Paraît mensuellement. La clôture de rédaction est le 15 du mois précédant la parution du Buet.

**Distribution :**
La première semaine de chaque mois.

**Mise en page :**
Pascale Emeringer & Julie Hensen

**Impression :**
Imprimerie Schlimé

# Éditorial

## Mi-temps

La seconde mi-temps du mandat a commencé. C'est l'occasion, pour moi, de faire le bilan des dernières années. En 2019, le collège échevinal nous a demandé quelle contribution nous entendions apporter au sein de la Commission de l'Environnement, de la Circulation et de la Mobilité Douce, quels étaient nos objectifs et nos priorités. Mon équipe et moi-même avons des objectifs très clairs en matière de politique climatique et de politique des transports, objectifs que nous avons communiqués tels quels au collège échevinal. Plutôt que de perdre du temps avec des choses sans importance, nous voulons en effet faire des propositions, chercher des alternatives quand un projet s'avère irréalisable, avancer pour mieux répondre aux besoins de nos concitoyens.

Parmi les nombreux exemples, citons le dernier en date, à savoir le K-Bus. Ma commission l'a proposé avant la pandémie et, selon Demy Schandeler, 155 personnes en ont profité en juin. Pas mal pour un projet qui n'en est qu'à ses débuts ; je continuerai à analyser les chiffres à l'avenir, peut-être le projet est-il susceptible d'être amélioré sur certains points, de manière à desservir d'autres arrêts. C'est ainsi que la commission se demande si aux heures de pointe, le matin et le soir, il n'est pas possible de prévoir un bus desservant les gares de Capellen ou de Mamer.

De plus, nous demandons la construction d'une piste cyclable reliant Kehlen à Mersch, projet soutenu par les communes de Mersch et Helperknapp. Toutefois, l'Administration des ponts et chaussées, souvent opposée à nos idées, voit ce projet d'un œil critique, parce qu'un important tronçon de cette piste longerait le CR102. Affaire à suivre... cependant, si les communes poursuivent le même objectif, ce projet devrait être réalisable.

Notre piste cyclable en direction de Meispelt devrait quant à elle être achevée fin septembre, de sorte que l'inauguration officielle de l'ensemble de la piste devrait enfin avoir lieu.

De plus, on peut déjà aller à vélo en direction de Mamer.

Le vélo est, d'une manière générale, devenu un sujet important. C'est ainsi qu'un projet de randonnée VTT nationale est en train d'être élaboré en collaboration avec l'Office Régional du Tourisme et les communes de Kopstal, Mersch et, bien sûr, Kehlen.

Quant à nos sentiers de randonnée, ils seront réaménagés et le balisage sera remplacé. Là encore, il faut combler le retard pris. En collaboration avec l'ORT, nous cherchons à mettre en place un balisage uniforme, évitant ainsi le chacun pour soi. Car nous avons un grand nombre de magnifiques sentiers de randonnée que d'autres communes nous envient.

Vu que notre commission a décidé de renoncer cette année à l'organisation d'une journée de la mobilité, nous avons eu une idée cool. Nous voulons publier une brochure présentant nos pistes cyclables et nos sentiers de randonnée, brochure que l'on pourra utiliser avec l'appli Komoot, qui permet de visualiser l'itinéraire clairement sur la carte.

Seule la question du budget reste à régler, mais nous sommes confiants que notre conseil échevinal ne manquera pas de nous aider.

Eh bien, il nous reste à parler du laissé-pour-compte de Kehlen, les transports. Nous avons eu une réunion afin d'élaborer un projet en vue d'un système de car-sharing. Notre commune pourrait faire œuvre de pionnier en participant à un projet pilote. C'est une idée sympa et je suis d'avis que nous devrions la proposer à nos concitoyens, cependant, ce que j'ai expliqué aux messieurs de l'ACL et de l'Université du Luxembourg, c'est que les problèmes de circulation que nous connaissons ne sont pas causés par les citoyens de la commune, mais par le trafic de transit.

C'est un point sur lequel il faudra absolument insister. Pourquoi les communes de Hesperange et de Dippach bénéficieront-elles d'une route de contournement, alors que nous en restons privés ? Serons-nous obligés de lancer un comité de défense pour faire pression ? À quand remonte la dernière entrevue de nos responsables communaux avec le ministère compétent ? Où en est le projet de contournement régional évoqué par F. Bausch pour faire patienter nos responsables une fois de plus ? Il faut que nous redevenions plus actifs sur cette question, sinon la commune de Kehlen sera à chaque fois la grande oubliée, alors que d'autres communes verront leur situation s'améliorer.

La mi-temps vient d'être sifflée. C'est l'occasion de remercier vivement mes collègues au sein de ma commission. Vous avez de bonnes idées, vous êtes motivés pour réaliser nos objectifs et vous constituez, malgré la diversité qui vous caractérise, une équipe précieuse. Continuons à travailler ensemble comme nous l'avons fait jusqu'ici, en protégeant l'environnement et en travaillant pour améliorer la situation du trafic.

**Nathalie Heintz**
**Conseillère Communale**

# INDEX


2 EDITORIAL ¦ ÉDITORIAL

4 GEMENGEROT ¦ CONSEIL COMMUNAL

12 MATDEELUNG ¦ COMMUNICATIONS
RÉCKBLÉCK ¦ RÉTROSPECTIVE

22 AKTUELLES ¦ ACTUALITÉS

30 CLUB SENIOR

36 JUKI

41 KLENG ANNONCEN ¦ PETITES ANNONCES

42 NËTZLECH NUMMEREN ¦ NUMÉROS UTILES

MÉDIATHÈQUE ¦ SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

# Gemengerot

## 11. Juni 2021

**!!! Le rapport en langue française du Conseil communal du 11 juin a été publié dans le Buet du mois de juillet. !!!**

**Present:** De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), de Schäffen Guy Scholtes (LSAP), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV); Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP); de Gemengesekretär Mike Back.

**Entschëllegt:** De Schäffen Marc Bissen (LSAP), de Gemengeconseiller André Noesen (déi gréng)

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

### Vereedegung vum Här Patrick Krecké als Gemengeconseiller

Duerch d'Demissioun vum Här Thomas Hansen als Gemengeconseiller, huet den Inneminister den Här Patrick Krecké vu Nouspelt opgeruff, fir am Gemengerot vun der Gemeng Kielen ze siegéieren, fir den Här Thomas Hansen ze ersetzen.

Doropshin huet den Här Krecké virum Ufank vun der Sëtzung vum Gemengerot den Eed virum Buergermeeschter Félix Eischen ofgeluecht a konnt esou als Gemengeconseiller un der Sëtzung deel huelen.

## Geschlosse Sëtzung

### 1. Enseignement - Reaffektatiounsvirschléi

De Gemengerot proposéiert dem Schoulministère d'Kandidature vun den Damme Caroline Hermes, Anne Sevenig, Julie Weber a vum Här Laurent Rausch zeréck ze behale fir déi fräi Posten als Joffer/Schoulmeeschter ab dem Schouljoer 2021/2022.

### 2. Gemengeverwaltung - Nominatioun

De Gemengerot nennt eng Kandidatin als Gemengebeamten an der Karriär B1 (ale Poste vum Redakter) am Gemengesekretariat.

### 3. Gemengeverwaltung - Nominatioun vun engem Employé communal fir de Service Relations Publiques am Gemengesekretariat

De Gemengerot nennt d'Madamm Pascale Emeringer als Gemengenemployée an d'Karriär A2 fir de Service Relations Publiques am Gemengesekretariat.

### 4. Gemengeverwaltung - Nominatioun vun engem Employé communal fir de Service Regie

De Gemengerot nennt e Kandidat als Gemengenemployé an der Karriär B1 fir de Service Regie. Den Här wäert d'Funktioun vum Responsabele vum Service Regie iwwerhuelen.

### 5. Schafung vun engem Posten als Gemengenemployé an der Karriär B1, fir de Service Culture et Sports am Gemengesekretariat

De Gemengerot huet e Posten als Gemengenemployé an der Karrär B1 geschaf, fir de Service Culture et Sports am Gemengerot. Dëse Poste gëtt en vue vun der Reorganisatioun vum besote Service gebraucht.

### 6. Schafung vun engem Posten als Gemengenemployé fir de Service Enseignement

De Gemengerot huet e Posten als Gemengenemployé an der Karriär B1 geschaf, fir de Service Enseignement.

### 7. Gemengeverwaltung - Promotioun vun engem Gemengebeamten

De Gemengerot huet dem Här Mike Back, Gemengesekretär, seng Promotioun an d'Karriär A2, mat Effekt op den 1. Juni 2020 accordéiert.

### Presentatioun vum Restantenétat 2020

De Receveur, Serge Harles, huet säin detailléierte Rapport mam Restantenétat fir d'Joer 2020 presentéiert.

## Ëffentlech Sëtzung

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl.

### Matdeelungen

D'Conseillère Nathalie Heintz (LSAP) bericht aus der leschter Reunioun vum Verwaltungsrot vum ORT Zentrum a Westen (Office Régional du Tourisme), bei där et ënner anerem em d'Bäitrëttsdemande vun der Gemeng Lëntgen, déi nei Zeitung vum ORT, vill nei Projeten, sou wéi em d'Finanzsituatioun vum ORT Zentrum a Westen, geet.

Wat den Transportservice "Impfe géint Covid-19" ugeet, dee vun der Gemeng organiséiert gëtt a Persounen vu 65+ säit Enn Februar an déi verschidden Impfzentere féiert, ass de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) frou matdeelen ze kënnen, dass tëscht Mäerz an Abrëll am ganzen 315 Persoune vun dëser gratis Offer profitéiert hunn.

Des Weideren, wat de Covid-19 betrëfft, mécht hien de Point iwwer d'Aktioun vun den Antigen-Tester déi d'Gemeng hiren Awunner offréiert, bei deem si hiert Resultat mat engem Zertifikat zertifiéiert kréien. Bei där Aktioun si bis haut 237 Awunner getest ginn. Well d'Covid-19-Mesuren, besonnesch am Horesca-Secteur, vum 13. Juni u manner streng sinn, gëtt dëse Service vun deem Dag un agestallt.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) informéiert uschléissend, dass de Grand-Duc de 17. Juni de Chantier vum Projet Elmen zu Ollem besiche kënnt.

Ausserdeem erënnert hien drun, dass vum 1. Juni 2021 un, de gratis Service vum "K-Bus" fir d'Awunner aus der Gemeng, operationell ass.

Hien informéiert och, dass d'Festivitéiten am Kader vu Nationalfeierdag ënner begrenzter Form stattfannen, änlech wéi 2020. Aus derselwechter Ursaach, wéinst Covid-19, wäert d'Gemeng hir Solidaritéitsaktioun fir d'lokal Geschäfter a Veräiner widderhuelen. Duerfir ginn Akafsbonge vun 10 Euro un d'Awunner aus der Gemeng

verdeelt, déi si bei genannte Geschäfter a Veräiner aléise kënnen.

Schliisslech informéiert hien d'Conseileren iwwer eng gréisser ëffentlech Stee de 5. Juli 2021, bei där et em Terrainen um Territoire vun der Gemeng Kielen geet. D'Membere vum Schäfferot ginn op dës Stee fir ze probéieren, Terrainen ze kafen, déi vu groussem Interessi fir d'Entwécklung vun de Gemengeninfrastrukture sinn.

### 8. Tableau de préséance vum Gemengerot

Duerch d'Demissioun vum Tom Hansen, Gemengeconseiller, an duerch d'Nofolleg vum Conseiller Patrick Krecké, huet d'Reiefolleg vum Tableau de préséance vum Gemengerot geännert a gouf soumat nei definéiert. D'Klassement gëtt duerch d'Entrée en fonction vun de Conseillere festgeluecht. Fir déi, wou dee selwechten Datum hier Funktioun ugetrueden hunn, ass d'Klassement no de meeschte Stëmmen, déi se bei deene leschte Wale kritt hunn (den Tablo fannt Dir ënnen op der Säit).

### 9. Stand aussteeënd Beträg - Exercice 2020

De Montant vun deenen nach aussteeënde Beträg fir den Exercice 2020 beleeft sech op 134.845,45 €. De Gemengerot accordéiert eng Decharge fir 29.196,28 € vun den Zommen déi net konnten agedriwwe ginn (z.B. insolvent Scholdner, onbekannten Adress, asw.). De bleiwende Solde vun 105.649,17 € muss agedriwwe ginn, wann néideg iwwer d'Geriicht.

### 10. Beleeg fir Recetten - Exercice 2020

D'Beleeg fir Recetten an Héicht vun 3.077,00 € aus dem Verkaf vun alem a gebrauchtem Material vun der Gemeng ewéi z.B. Geschier a Gefierer/ oder informatescht Material, gi vum Gemengerot guttgeheescht.

### 11. Gemengekonten 2019

Den administrative Kont an de Gestiounskont vum Joer 2019, déi vum Inneministère kontrolléiert goufen, gi vum Gemengerot provisoresch festgehalen. Den Exercice 2019 schléisst mat engem Boni an Héicht vun 12.474.639,69 € of.

### 12. Règlement-taxe bezüglech dem Benotze vun de Säll an Installatiounen an der Gemeng

Nom Vott an der Sëtzung vum Gemengerot vum 29. Januar 2021, huet d'Direction des Finances Communales vum Inneminister nach Remarken, de 4. Mee 2021, geschéckt, wat verschidde Punkte vum Reglement betreffen, déi de Schäfferot an dee neien Text bäigefüügt huet, deen an dëser Sëtzung vun de Conseillere gestëmmt gouf.

### 13. Ënnerdeelung vun Terrainen zu Ollem

A. De Projet, deen de 27. Abréll 2021 vum Büro INEO Ingineering vu Stengefort am Numm vun der Koppel Beddal fir d'Opdeelung vu Parzellen zu Ollem an der Rue de Goetzingen 6, mat de Kadasternummere 637/2453 a 637/2454, an zwee nei Lousen ze deelen, presentéiert ginn ass, fir nom Ofrappe vun dem bestoenden Haus zwee Zweefamilljenhaiser ze bauen, ass ugeholl gin.

B. De Projet, deen den 30. Abréll 2021 vun der Firma Casa Pro Concept Sàrl vun Alzeng agereecht gouf, fir d'Opdeelung vun enger Parzell zu Ollem, mat der Kadasternummer 708/1869, an der Rue Abraham Lincoln 5, an zwee Lousen, fir nom Ofrappe vun dem bestoenden Haus zwee Zweefamilljenhaiser ze bauen, gouf ugeholl.

### 14. Avis bezüglech der Propositioun fir deen alen Haff op 10, rue de l'Ecole zu Nouspelt als Monument national ze klasséieren

De Gemengerot ass mat der Propositioun averstanen, fir deen ale Bauerenhaff op Nummer 10 an der Rue de l'École zu Nouspelt, mat der Kadasternummer 183/4520, deen der Gemeng Kielen gehéiert, wéinst sengem historeschen, architektoneschen an ästheteschen Interessi als Monument National ze klasséieren.

### 15. Declassement vu Parzellen aus dem Domaine Public vun der Gemeng zu Nouspelt an zu Ollem

Nodeems am Kader vun der Enquête publique keng Reklamatiounen erakomm sinn, decidéiert de Gemengerot fir Parzellen, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, ëmzeklasséieren. Et handelt sech ëm d'Kadasterparzellen Nr. 40/4763, um lieu-dit "rue de Dondelange" zu Nouspelt, vun 1,25 Ar an Nr. 645/XX22 a 645/XX23, um lieu-dit "rue de Capellen" zu Ollem, vun 1,01 a 0,69 Ar, déi tëscht privatem Terrain an der Strooss leien an ëmklasséiert musse ginn, fir se kënnen ze verkafen.

### 16. Verschidde Compromis de vente zu Kielen an zu Ollem

De Gemengerot huet déi follgend Compromisen ugeholl :

A. Compromis de vente vum 22. Abréll 2021 duerch deen d'Madamm Pauline Van Wissen vu Nouspelt der Gemeng eng Parzell vun 0,39 Ar, zu Kielen um lieu-dit "Auf der Burg", mat der Kadasternummer 1758/7271, fir 1.000,- Euro den Ar, also fir en Total vun 390,- Euro verkeeft.

### 8. Tableau de préséance vum Gemengerot

| Nom et Prénom | Entrée en fonction | Ancienneté |
|---|---|---|
| KOCH Lucien | 01.01.1988 | 1 |
| KOHNEN Guy | 11.11.1997 | 2 |
| SCHOLTES Guy | 29.01.2002 | 3 |
| BISSEN Marc | 06.01.2010 | 4 |
| EISCHEN Félix | 23.11.2011 | 5 |
| KOCKELMANN Romain | 23.11.2011 | 6 |
| BONIFAS Larry | 23.11.2011 | 7 |
| HEINTZ Nathalie | 27.09.2013 | 8 |
| BREDEN Guy | 23.11.2017 | 9 |
| NOESEN André | 23.11.2017 | 10 |
| KRECKE Patrick | 11.06.2021 | 11 |

B. Compromis de vente vum 22. Abrëll 2021 duerch deen den Här Théophile Brunsfeld vu Kielen der Gemeng 4 Parzelle vun am ganzen 1,72 Ar, zu Kielen um lieu-dit “Auf der Burg”, mat de Kadasternummeren 1757/7267, 1758/7269, 1765/7279 an 1766/7281, fir 1.000,- Euro den Ar, also fir en Total vun 1.720,- Euro verkeeft.

C. Compromis de vente vum 18. Februar 2021 duerch deen d’Madamm Marcelle Michels vu Kielen der Gemeng eng Parzell vun 0,09 Ar, zu Kielen um lieu-dit “rue de Kopstal”, mat der Kadasternummer 1699/7265, fir 1.000,- Euro den Ar, also fir en Total vun 90,- Euro verkeeft.

D. Compromis d’échange vum 5. Mee 2021 duerch deen d’Gemeng Parzellen um lieu-dit “rue de Capellen” zu Ollem, mat de Kadasternummere 645/XX22 a 645/XX23, vun am ganzen 1,70 Ar géint eng Parzell mat der Kadasternummer 645/XX21 vu 0,09 Ar um lieu-dit “rue de Capellen” mat der Firma FMC Promotions vum Briddel tauscht, dës zum Präis fir 25.000,- Euro den Ar, also am Ganzen fir 40.250,- Euro en Faveur vun der Gemeng Kielen.

### 17. Verschidde notariell Akten zu Kielen, Keespelt a Nouspelt

D’Conseilleren hunn hiren Accord zu de follgenden Akte ginn :

A. Verkafsakt vum 12. Mee 2021, mat der Firma “Les Lotissements S.A.” vu Stroossen bezüglech dem Kaf vun enger Parzell vu 0,22 Ar, mat der Kadasternummer 2511/6643, zu Kielen um lieu-dit “Auf Odeburg”, fir de Präis vun 350,- Euro den Ar, also am Total fir 77,- Euro.

B. Verkafsakt vum 12. Mee 2021, mat den “Oeuvres Paroissiales” vun Diddeleng bezüglech dem Verkaf vun enger Parzell vu 0,06 Ar, mat der Kadasternummer 2023/7023, zu Kielen um lieu-dit “rue des Romains”, fir de Präis vun 25.000,- Euro den Ar, also am Total fir 1.500,- Euro.

C. Verkafsakt vum 12. Mee 2021, mat der Koppel Hoffmann-Berns vu Lëtzebuerg bezüglech dem Kaf vun enger Parzell vu 27,00 Ar, mat der Kadasternummer 547/1305, zu Keespelt um lieu-dit “Im Wald”, fir de Präis vun 250,- Euro den Ar, also am Total fir 6.750,- Euro.

D. Verkafsakt vum 3. Juni 2021, mat de Consorts Pütz an Elcheroth duerch deen d’Gemeng Kielen e Gebai mat Annexen, mat de Kadasternummere 1946/4718 a 1947/4719 um lieu-dit “rue de Keispelt” zu Kielen op 6, rue de Keespelt, sou wéi e Feld, mat der Kadasternummer 1927/6900 um lieu-dit “Kehlen”, an 2 Parzelle vun am Ganzen 82,15 Ar, mat de Kadasternummeren 1838 an 1839, Sektioun A vu Kielen um lieu-di “Bei der Kirch”, fir 2.402.575,- Euro, kaf huet.

E. Verkafsakt vum 12. Mee 2021, mat der Koppel Marth-Cuka vu Nouspelt, bezüglech dem Verkaf vun enger Parzell vun 0,55 Ar, mat der Kadasternummer 1996/4335, zu Nouspelt um lieu-dit “rue de Goeblange”, fir de Präis vun 25.000,- Euro den Ar, also am Total fir 13.750,- Euro.

### 18. Contrat de bail mat der Fondation pour l’Accès au Logement

De Gemengerot huet de Contrat de bail deen den 21. Abrëll 2021 tëscht dem Schäfferot an der Fondation pour l’Accès au Logement, deen duerch hire Service “Agence Immobilière Sociale” (AIS) representéiert gëtt, ënnerschriwwe gouf, ugeholl. An deem Kontrakt geet et drëms dass d’Gemeng der AIS d’Haus op 93A, boulevard Robert Schuman zu Ollem zur Verfügung stellt, fir dass dës u Familljen oder Persoune mat engem Risiko an d’Aarmut ze falen, verlount gëtt.

### 19. Contrat de bail mat der Fondation Caritas Luxembourg

De Gemengerot huet de Contrat de bail deen den 11. Mee 2021 tëscht dem Schäfferot an der Fondation Caritas ënnerschriwwe gouf, ugeholl. An deem Kontrakt geet et drëms dass d’Gemeng der Fondation Caritas d’Haus op 8, rue de Kehlen zu Nouspelt zur Verfügung stellt, fir dass dës u Familljen oder Persoune mat engem Risiko an d’Aarmut ze falen, verlount gëtt.

### 20. Konstitutioun vun enger Servitude zu Kielen mat der CREOS

De Gemengerot hëlt den Akt tëscht der CREOS an dem Schäfferot vum 21. Mee 2021, bezüglech enger Servitude op der Parzell N°664/7075 zu Kielen un. Hei geet et drëms, dass d’CREOS ënnerierdesch Kabelen an Réier verleet, soumat dass si Accès op dee virgenannten Terrain an der rue de Nouspelt brauchen.

### 21. Adaptéiert Konventioun mam Restaurant “La Belissima” vu Kielen

De Gemengerot huet deen 2. Avenant zu der Konventioun fir d’Benotze vum Domaine public zu Kielen mat der Sàrl Belissima vu Kielen guttgeheescht. Et geet drëms dass de Restaurant “La Belissima” en Deel vun de Parzelle Nr. 2066/6435 an 2065/6433, déi laanscht d’Place Goevelinger leien, dierf benotze fir seng Terrasse ze amenagéieren. Dëst zum Präis vu 700,- Euro d’Joer.

### 22. Nominatiounen an Demissioune vun de Membere vun de Berodungskommissioune vun der Gemeng

De Gemengerot huet d’Demissioun aus der Ëmweltkommissioun vum Här Patrick Krecké, well dësen als Conseiller genannt gouf, ugeholl. Den Här Hagen Schubert vu Nouspelt, deen op Propositioun vun der Demokratescher Partei genannt gouf, gouf als Kandidat fir den Här Krecké ze ersetzen, ugeholl.

### 23. Verschidde Subsiden - 75. Gebuertsdag vum F.C. Kielen

De Gemengerot accordéiert dem F.C. Kielen, deen 1946 gegrënnt gouf, e spezielle Subside vun 1.750,- Euro bei Geleeënheet vun de Festivitéite vun hirem 75. Gebuertsdag am Joer 2021.

### 24. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 4 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Juddegaass an am Schoulwee zu Kielen, sou wéi an der Rue du Moulin zu Dondel an an der Zone d’Activités Economiques zu Kielen, ze reegelen.

### 25. Gemengerot - Festleeë vun de Raimlechkeeten

Wéinst der Entwécklung vun der Pandemie vum COVID-19, decidéiert de Gemengerot, dass och déi nächst Gemengerotssëtzunge bis den 31. August 2021 nach mat, am Museksall zu Kielen ofgehale ginn.

# Gemengerot

## 9. Juli 2021

**Present:** De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Guy Scholtes (LSAP) a Marc Bissen (LSAP), d'Gemengeconseillere, Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV); Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär Mike Back

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

## Ëffentlech Sëtzung

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, mat Ausnam vun de Punkte 4 a 5A.

### Matdeelungen

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) mécht d'Sëtzung op an informéiert iwwert dëse Wee, dass hie selwer, de Guy Scholtes an de Lucien Koch de 5. Juli op enger ëffentlecher Stee vun Terrainen deelgeholl hunn. De Schäfferot war virun allem un 2 Lousen interesséiert, déi hien och konnt steeën, sou wéi en 3. Lous, deen och fir den Intérêt général wäert déngen. Duerno huet hien Detailer genannt, dass et sech eemol em e Feld mat der Kadasternummer 653/3542 um lieu-dit "Poetschebirchen" vu 16,80 Ar handelt, dëst fir 150.000 Euro, dann hunn se nach déi verschidde Parzellen, Nummer 723/3543, 722/3309, 722/1255, 720/2707, 718/2706, 717/3443 a 712/3440 um lieu-dit „Auf Oesselbirchen" vun am ganzen 202,60 Ar, fir am ganzen 280.000 Euro gesteet a schlussendlech nach 2 Felder ënnert de Kadasternummere 906/3186 a 904/3519 um lieu-dit „In Stackent" vun 79,30 Ar fir 215.000 Euro. Hien huet preziséiert, dass d'Terrainen deier verkaf goufen an dass déi verschidde Promoteure géigesäiteg d'Präisser an d'Luucht gedréckt hunn.

De Félix Eischen erënnert d'Conseilleren nach emol drun, dass no der haiteger Sëtzung nach emol nei Fotoe vum Gemengerot geholl ginn, dëst duerch d'Vereedegung vum Patrick Krecké, wärend där leschter Sëtzung.

Schlussendlech informéiert hien iwwert déi verschidde wichteg Datumer fir an d'Agendaen anzedroen. De 16. Juli ass deen éischte Spuedestéch vum neie Schoulgebai am Quartier Elmen zu Ollem an den 23. Juli feiert d'Personal vun der Gemeng e Grillfest.

Zum Schluss presentéiert hien d'Ziffere vum gratis Transportservice K-Bus, vun deem am Juni 2021 am ganzen 113 Persoune profitéiert hunn.

De Guy Kohnen (CSV) ergräift d'Wuert an informéiert driwwer, dass den Office Social Commun vu Mamer (OSCM) en appel aux candidatures eraus ginn huet, fir en 2. Sekretär anzestellen. Et sinn am ganzen 47 Kandidaturen erakomm, wouvunner der 11 zeréckbehale goufe fir an en Entretien ze ruffen. Soubal d'Entscheedung vum Conseil vum OSCM gefall ass, informéiert de Guy Kohnen déi verschidde Conseilleren iwwert de Choix dee getraff gouf.

### 1. Ofschléisse vun engem Prêt

De Gemengerot approuvéiert dee virgesinne Prêt vun 18.000.000,00 Euro fir de Budget 2021 ze Equilibréieren. Et sinn Ausgabe vun 37.463.680,32 Euro fir grouss Aarbechte virgesinn, sou wéi Recettë vun am ganzen 32.597.913,44 Euro, woubäi de concernéierte Prêt schonn abegraff ass.

### 2. Schoulorganisatioun 2021-2022

De President vun der Schoulkommissioun, de Conseiller Guy Breden (CSV), huet d'Schoulorganisatioun 2021/2022 presentéiert. Dës gesäit minimal Ännerunge par rapport zum leschte Joer vir. Hien preziséiert, dass fir d'Rentrée 2022/2023 net genuch Klassesäll do wieren an dass Containere missten opgestallt ginn, wou kéinten 2 – 3 Klassesäll dran ageriicht ginn.

D'Verdeelung vun deene verschiddene Klasse gëtt no de pedagogesche Critère gemaach.

### 3. Solidaritéitsaktioun fir de lokale Commerce

Duerch d'Pandemie vum Covid-19, haten d'Commercen nach e schwéiert Joer, a sou huet de Gemengerot decidéiert fir d'Solidaritéitsaktioun zugonschte vum lokalen Handel an de lokale Veräiner mat Sëtz an der Gemeng Kielen vum Joer 2020, nei ze starten. D'Gemeng verdeelt e Bong am Wäert vun 10,00 € un all Awunner. Dëse Bong ka bei all Händler an der Gemeng / bei all lokalem Veräin, dee bei der Aktioun matmécht, ageléist ginn. D'Bongen si bis den 31. Dezember 2021 gëlteg. D'Deadline fir d'Händler fir hir Bongen an der Recette vun der Gemeng anzetauschen ass den 28. Februar 2022. Fir d'Solidaritéitsaktioun ze finanzéieren, stëmmt de Gemengerot en zousätzleche Kredit an Héicht vu 50.000,00 €.

### VERDEELUNG VUN DE KLASSEN:

| | |
|---|---|
| **Cycle 1 (précoce)** | 3 Klassen zu Ollem, 52 Schüler |
| **Cycle 1 (préscolaire)** | 7 Klassen zu Kielen, 106 Schüler |

### CYCLES 2 - 4 (PRIMAIRE) ZU KIELEN, ÉCOLE CENTRALE

| | |
|---|---|
| **Cycle 2.1:** | 4 Klassen, 65 Schüler |
| **Cycle 3.2 :** | 3 Klassen, 54 Schüler |
| **Cycle 2.2:** | 3 Klassen, 51 Schüler |
| **Cycle 4.1:** | 3 Klassen, 38 Schüler |
| **Cycle 3.1:** | 4 Klassen, 57 Schüler |
| **Cycle 4.2:** | 4 Klassen, 49 Schüler |

### 4. Projet mat Offer a Pläng bezüglech der Erneierung vun der Rue du Moulin zu Dondel, sou wéi och der Erneierung vun de Reseauen

De Gemengerot huet mat 9 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen (déi gréng) dem Projet mat Devis a Pläng bezüglech der Erneierung vun der Rue du Moulin zu Dondel, sou wéi och der Erneierung vun de Reseauen, dee vum Ingenieursbüro Schroeder&Associés virgestallt gouf, fir e Montant vun 1.500.000,00 Euro zougestëmmt.

### 5. Ënnerdeelung vun Terrainen a Zonen déi engem PAG "Quartier existant" ënnerleien

A. De Gemengerot huet mat 9 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen (déi gréng), dem Projet fir zwee Lousen zu Kielen an der Kopleschterstrooss N°31, an zwee Lousen ze deelen, wat de Bau vun enger Maison Jumelée an enger Residenz, nom Zerstéiere vum bestehenden Haus, virgesäit. Dëse Projet gouf vum Büro Boito Architectes fir d'Firma Da Silva Promotions virgestallt.

B. De Gemengerot huet dem Projet vum Büro Groupe L Sàrl fir d'Firma Best House SA, fir eng Parzell zu Keespelt an der Kielenerstrooss N°102 an 2 Lousen ze deelen, fir kënnen zwou Maisons Jumelées bi-familiales drop ze bauen, zougestëmmt.

C. De Gemengerot decidéiert fir de Punkt C op eng nächst Sëtzung ze verschiben, fir nach méi Detailer bezüglech der Bedeelegung un de Käschten vun de geplangten Infrastrukture vun der Gemeng kënnen ze kréien.

D. De Gemengerot huet de Morcellementsprojet vun der Firma Les Lotissements SA ugeholl, fir dräi Parzellen zu Nouspelt an der Ruedterstrooss an 11 Lousen ze deele fir kënnen zwee fräistoend Haiser, zwou Maisons Jumelées, sou wéi dräi Reienhaiser kënnen ze bauen.

### 6. Nominatioun an Demissioun vu Membere vun de Gemengekommissiounen

A. D'Kandidatur vum Lorenzo Bianchi vu Nouspelt, fir kënne Member an der Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun ze ginn, gouf vum Gemengerot ugeholl.

B. D'Propositioun vun der CSV fir de Félix Thill vu Kielen, als Member vun der Jugendkommissioun ze nennen, gouf vum Gemengerot ugeholl.

### 7. Verschidde Subsiden

Op Propositioun vum Schäfferot hin, huet de Gemengerot decidéiert folgend Subsiden ze verginn :

- 125 € un d'Organisatioun Unicef Lëtzebuerg
- 125 € un d'Associatioun Parkinson Luxembourg
- 125 € un d'Organisatioun Tukwataniise
- 125 € un d'Organisatioun Atong Apo du Lycée Technique de Lallange
- 125 € un d'Associatioun FLTT (Féd. Lux. de Tennis de Table)
- 125 € un d'Associatioun Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché
- 1.000 € un d'Associatioun A.C. Reckange/Mess + Asbl Reckeng hëlleft
- 125 € un d'Organisatioun OTM Haïti
- 125 € un d'Fondatioun APEMH
- 125 € un d'Associatioun RIAL

### 8. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 4 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Grand-Rue zu Nouspelt, der rue de Mamer zu Kielen, der rue de Goeblange zu Nouspelt an an der Rue Pierre Dupong zu Keespelt, ze reegelen.

All Berichter kënnen op eisem Internetsite an der Rubrik „Mediathéik" nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scannt einfach de QR-Code

## Geschlosse Sëtzung

### 9. Structures d'accueil vun der Gemeng – Ufro vun engem Gemengen Employé fir a Pensioun ze goen

De Gemengerot huet eng Ufro vun engem Gemengen Employé, fir an d'Pensioun ze goen, ugeholl.

### 10. Structures d'accueil vun der Gemeng – Nominatioun vu Gemengen Employéeën an der Karriär B1, sous-groupe éducatif a psycho-social (Educateur diplômé)

De Gemengerot huet 3 Gemengen Employéeën an der Karriär B1, sous-groupe éducatif a psycho-social (éducateur diplômé), fir d'Structures d'accueil vun der Gemeng Kielen, genannt, dëst mat engem Degré d'occupation vu 75% (30 Stonnen d'Woch).

### 11. Structures d'accueil vun der Gemeng – Nominatioun vu Gemengen Employéeën an der Karriär C1, sous-groupe éducatif a psycho-social (aide soignante) mat Klassementsdecisioun

De Gemengerot huet 1 Gemengen Employé an der Karriär C1, sous-groupe éducatif a psycho-social (aide soignante) mat Klassementsdecisioun genannt, dëst zu enger variabeler Tâche vun 20 bis 30 Stonnen d'Woch.

### 12. Structures d'accueil vun der Gemeng – Ëmännerung vun enger Tâche vun engem Gemengen Employé an der Karriär B1, sous-groupe éducatif a psycho-social

De Gemengerot huet d'Tâchë vun 3 Gemengen Employéeën an der Karriär B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (Educateur diplômé), déi aktuell op 75% (30 Stonnen d'Woch) waren, op 90% (36 Stonnen d'Woch, gehéicht, an dëst ab dem 1. September 2021.

### 13. Structures d'accueil vun der Gemeng – Ëmännerung vun enger Tâche vun engeem Gemengen Employé an der Karriär D1, sous-groupe éducatif a psycho-social

De Gemengerot huet d'Tâche vun engem Gemengen Employé an der Karriär D1, sous-groupe éducatif a psycho-so-

cial, vu 16 bis 24 Stonnen d'Woch, op elo 20 bis 30 Stonnen d'Woch gehéckt.

### 14. Schafe vun 2 Posten als Gemengebeamte fir d'Recette an de Biergerzenter an der Karriär B1, sous-groupe administratif (Redakter)

Duerch d'Reorganisatioun vu verschiddene Gemengeservicer, huet de Gemengerot d'Propositioun vum Schäfferot ugeholl, fir 2 Poste vu Beamte fir d'Recette, sou wéi och fir de Biergerzenter, an der Karriär B1, sous-groupe administratif), ze schafen.

### 15. Nominatioun vun engem Gemengen Employé fir de Kulturservice am Sekretariat, an der Karriär B1, sous-groupe administratif

Duerch déi Konstant Erhéijung vun Deeglecher Aarbecht am Kultur a Sportsservice, sou wéi déi vill Projeten, Manifestatiounen a nei Dossieren, huet de Gemengerot e Gemengen Employé fir dëse Service nominéiert.

### 16. Nominatioun vun engem Gemengen Employé fir de Schoulservice an der Karriär B1, sous-groupe administratif

Duerch déi vill Deeglech Aarbecht am Schoulservice, deelweis och duerch déi vill nei Deklaratioune vu Famillje mat Kanner an d'Fäerdegstellung Ufank 2022 vun deenen éischten Haiser am neie Quartier Elmen zu Ollem, huet de Gemengerot e Gemengen Employé an der Karriär B1, sous-groupe administratif, gestëmmt.

### 17. Gemengeverwaltung – Nominatioun vun engem Gemengebeamten an d'Karriär A2, sous-groupe administratif

Duerch d'Reorganisatioun vum Finanzservice huet de Gemengerot e Beamten an d'Karriär A2 genannt.

# Conseil communal

## 9 juillet 2021

**Présent :** Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Guy Scholtes (LSAP) et Marc Bissen (LSAP), les conseillers communaux Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal Mike Back.

**Début de la séance :** 08.30 heures

## Séance publique

Tous les points de l'ordre du jour sont approuvés à l'unanimité des voix des membres présents, à l'exception des points 4 et 5A.

### Communications

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) ouvre la séance et informe sur le fait que lui-même, Guy Scholtes et Lucien Koch ont participé à la vente publique de divers terrains le 5 juillet dernier. Le collège échevinal s'intéressait surtout à deux lots, qu'ils ont bien pu acheter, ainsi qu'un troisième lot, qui servira également à l'intérêt général. Puis il donne les détails qu'il s'agit une fois d'un pré avec le numéro de parcelle 653/3542 au lieu-dit « Poetschebirchen » d'une contenance de 16,80 ares pour un montant de 150.000 €, ainsi que de différentes parcelles de terres labourables, sous les numéros 723/3543, 722/3309, 722/1255, 720/2707, 718/2706, 717/3443 et 712/3440, au lieu-dit « Auf Oesselbirchen » d'une contenance totale de 202,60 ares pour le montant de 280.000 € et finalement des prés sous les numéros cadastraux 906/3186 et 904/3519, au lieu-dit « In Stackent » d'une contenance de 79,30 ares pour le montant total de 215.000 €. Il précise que tous les terrains vendus lors de cette vente publique ont été très bien payés et que les promoteurs ont mutuellement augmenté les prix.

Ensuite Félix Eischen rappelait aux conseillers que de nouvelles photos seront prises près de la mairie après la séance d'aujourd'hui, dû à l'assermentation de Patrick Krecké lors de la séance précédente.

Finalement il informait sur diverses dates importantes à noter dans les calepins, comme le premier coup de pelle du nouveau bâtiment scolaire au quartier « Elmen » à Olm en date du 16 sjuillet 2021 et sur le barbecue organisé pour le personnel communal en date du 23 juillet 2021.

En dernier lieu il présentait les nouvelles chiffres d'utilisation du Rufbus, c.-à-d. qu'au mois de juin 2021 en tout 113 personnes ont profité du service de transport gratuit « K-Bus ».

Monsieur Guy Kohnen (CSV) a pris la parole en dernier et a informé que l'office social commun de Mamer (OSCM) a fait un appel aux candidatures pour un 2e secrétaire. 47 candidatures ont été réceptionnées et 11 ont été retenues pour se présenter lors d'un entretien. Dès décision du Conseil de l'OSCM sur la candidature à retenir, Guy Kohnen ne manquerait pas à en informer le conseil communal.

### 1. Recours à l'emprunt

Le conseil approuve l'emprunt à envisager de 18.000.000,00 Euros, afin d'équilibrer le budget 2021, vu les dépenses prévues d'un montant de 37.463.680,32 Euros destinés à la réalisation de travaux de grande envergure, ainsi que des recettes au montant total de 32.597.913,44 Euros, l'emprunt à contracter y étant déjà inclus.

### 2. Organisation scolaire 2021-2022

